Eng Informatiounsbroschür iwwert d’Lëtzebuerger Studenten zu Tréier a.s.b.l.

# Gudd Gebrëllt!

LETZEBUERGER STUDENTEN ZU TREIER

ACEL
de Studentevertrieder

www.lst.lu

comite@lst.lu

**IMPRESSUM**
„Gudd gebrëllt“ – Eng Informatiounsbroschür iwwert d’Lëtzebuerger Studenten zu Tréier a.s.b.l.
© 1995-2022 Lëtzebuerger Studenten zu Tréier a.s.b.l.
14. Oplag, Hierscht 2021 fir d’Foire de l’Etudiant
Text: Diana Granja, Claude Heinen, Sabrina Dos Santos, Melissa Weyrich
Layout: Sabrina DOS SANTOS
Korrektur/Ergänzung: Comité 2022/2023
Update: 2001 vun der O.M.I.
Update: 2002 vum Michèle NOTHUM an Joëlle RIPPINGER
Update: 2003 vum Joëlle RIPPINGER
Update: 2006 vum Ben SCHILTZ
Update: 2007 vum Tanja FORETTE
Update: 2008 vum Nathalie FROSIO an Anouk KIEFFER
Update: 2009 vum Jeff LEDERLE
Update: 2010 vum Jeff LEDERLE
Update: 2012 vum Claude WILWERDING
Update: 2014 vum Sandra SCHMIT an Pit WEBER
Update: 2020 vum Sabrina DOS SANTOS
Update: 2021 vum Sabrina DOS SANTOS
Update  2022 vum Melissa WEYRICH

Erausgin vun den Lëtzebuerger Studenten zu Tréier a.s.b.l

## VIRWUERT VUN DER PRESIDENTIN



Léif zukünfteg Studenten,

dir sidd elo bestëmmt an äre leschte Lycées Joren ukomm, hutt är Première scho gepackt oder sidd op der Sich no engem passende Master. Et ass oft net einfach sech fir e Studiegang ze entscheeden an dann och nach d'Äntwert op d'Fro „Wou wëll ech déi nächst Jore verbréngen"ze fannen.

Mat dëser Broschür wëlle mir iech virun allem hëllefen d'Fro ze beäntweren, wéi eng Staat är zukünfteg Heemescht soll ginn. Mir stellen iech hei eis Uni-Staat fir a presentéieren iech eise Cercle vun de Lëtzebuerger Studenten zu Tréier. Mir hoffen, dass iech déi vill Informatiounen iwwert d'Universitéit Tréier an d'Héichschoul, iwwert d'Staat Tréier selwer an natierlech och iwwert eise Cercle bei ärem Choix ënnerstëtzen. Mir wëssen, dass et schwéier ass, sech bei deene ville Méiglegkeeten u Studiegäng a Studieplaze fir dat Richtegt ze entscheeden a virun allem no deenen zwee ustrengende Joren, déi hannert eis leien, kann et nach méi schwéier sinn, esou grouss Entscheedungen ze treffen. Dofir probéiere mir iech esou gutt wéi méiglech weider ze hëllefen, wann et Froen iwwer Studiegäng, d'Studenteliewen oder d'Wunnen zu Tréier gëtt.

Jo Tréier ass no bei Lëtzebuerg, an trotzdeem huet Tréier villes ze bidden. Vu klenge Caféen iwwer immens schéi Plazen un der Musel oder an de Wäibierger, bis zu flotte Partyen a Clubs, zu Tréier ass fir jiddereen eppes dobäi. A well an eiser Staat all fënneften Awunner Student ass, ass hei ëmmer eng lass a langweileg gëtt et iech sécher net. Och wann haaptsächlech d'Tréierer Akafsstrooss a ganz Lëtzebuerg bekannt ass, gëtt et zu Tréier nach esou vill méi ze gesinn. All d'Viraussetzunge fir eng flott Studienzäit sinn also erfëllt.

Mir hoffen, dass dir duerch dës Broschür Gefalen un eiser gemittlecher Studentestad fannt an, dass mir Iech geschwënn op engem vun eisen Eventer, als neie Member vum LST, gesinn.

Vill Erfolleg a bis geschwënn zu Tréier,

Melissa

# I. Lëtzebuerger Studenten zu Tréier

## WIE SI MIR IWWERHAPT?

De Studenteclub Lëtzebuerger Studenten zu Tréier a.s.b.l., kuerz LST genannt, gouf 1979 an d' Liewe geruff a regruppéiert, wéi den Numm et scho verréit, d' Lëtzebuerger Studenten zu Tréier. D' Ziel vum Veräin ass et, sech fir d' Intresse vun de Lëtzebuerger Studenten anzesetzen an hinnen och eng Rei Aktivitéiten unzebidden.

## FIRWAT SOLLS DU MEMBER VUM LST GINN?

Als Member kriss du Kontakt mat den eelere Semesteren, déi bestëmmt deen een oder aneren Tuyau hunn an och gär bereet sinn, hiert Wëssen de jonke Studenten ze vermëttelen. Éischtsemesteren hu bekanntlech ëmmer déi selwecht Problemer, déi duerch eeler Studente schnell an onkomplizéiert geléist kënne gin.
Natierlech bidde mir och eng ganz Rei vu Manifestatiounen un, wéi zum Beispill: Rallye, Staffellaf, Challengen iwwer d'ganzt Joer (Lasertag, Billiard, Bowling, Minigolf), Kleeschen, Beachvolleyball, Baler.
D' Lëtzebuerger Studenten treffe sech, a lockerer Atmosphère, dann och all Dënschden op hirem Stammdësch. Do probéiere mir eis vum Studienalldag e bëssen ofzelenken.
Ausserdem gi mir och eis Zeitung "Tréierer Déieren - Neies vun de Schangen" eraus, wou Wëssenswäertes, Reckblécker vun eisen Aktivitéiten an nach soss Kurioses drasteet.
Am einfachsten ass et, Du kënns op eis Aktivitéiten, an Du léis dech vun der Atmosphère verzauberen. Du léiers dann och direkt eng ganz Rei nei an interessant Leit kennen. Natierlech hunn d'Membere vum Comité ëmmer Zäit fir Dir eng Äntwert op Deng Froen ze ginn. Also zéck net, wann nach eppes onkloer ass!

## D'ORGANISATIOUN VUM LST

Un der Spëtzt vum LST steet de Comité, deen aus 9 Memberen besteet. D'Wiel vum Comité fënnt op der Assemblée Générale Ordinaire statt, déi all Juni ofgehale gëtt. Op der AG mëcht den aalen Comité e Réckbléck op dat vergaangent Joer an duerno gëtt e neie Comité gewielt. Am Comité gëtt et e President, en Trésorier, e Secrétaire a Memberen déi sech em eis Sports- an Kulturmanfestatiounen këmmeren. Dësweideren hun mir zwee Keessereviseuren an eng Reih Coptéen. D' Haaptaufgaben vum Comité sinn de Club zesummenzehalen an Aktivitéiten ze organiséieren.



## *Comité 2022/2023*

***Présidente***

*Melissa Weyrich*
Fach: Germanistik & Erzéiungswëssenschaften
Mail: president@lst.lu

***Vice-Présidente***

*Jenny Rinck*
Fach: Psychologie

***Secrétaire***

*Amer Kalabic*
Fach: Erzéiungswëssenschaften
Mail: secretaire@lst.lu

***Trésorier***

*Kenzo Del Nin*
Fach: Philosophie & Soziologie
Mail: tresorier@lst.lu

| | |
|---|---|
| ***Sponsoring*** | *Sarah Stockreiser*<br>Fach: Wirtschaftsinformatik<br>Mail: sponsoring@lst.lu |
| ***Eventmanagerin*** | *Laurence Arend*<br>Fach: Erzéiungswëssenschaften |
| ***Délégué ACEL*** | *Paul Reuter*<br>Fach: Geographie |
| ***Déléguée Sport*** | *Cathérine Heinen Sendel*<br>Fach: Psychologie |
| ***Webmaster*** | *Diana Granja*<br>Fach: Sozialwissenschaft |
| ***Coopté*** | *Léon Biel*<br>Fach: Erzéiungswëssenschaften |
| ***Coopté*** | *Fabien Liesch*<br>Fach: BWL |
| ***Cooptée*** | *Anne Loos*<br>Fach: Erzéiungswëssenschaften |
| ***Coopté*** | *Pit Marques de Paiva*<br>Fach: Englesch, Philosophie<br>an Erzéiungswëssenschaften |
| ***Éierepresidentin*** | *Sabrina Dos Santos* |

## D’AKTIVITÉITE VUM LST

***Eventer***

Déi éischt Manifestatioun am neie Joer ass d’Erstiversammelung fir eis Eischtsemestler. Op dësem Dag kriss Du wichteg Informatiounen iwwert d’Studenteliewen a mir weisen Dir d’Stad Tréier. Interessant fir all Eischtsemestler ass awer och eis Daf. Hei léiert een während flotten Spiller ganz séier aner Erstien kennen.



Eng grouss Traditioun vum LST ass de Kleeschen. All Joer em den 6. Dezember zitt de Kleesche mam Houseker an sengen Engelcher iwwer d’Uni fir d’Studenten ze froen op hier Proffen dann och brav waren.

Daat ganzt Semester iwer treffen mir eis um 21.00 Auer Dennstesowes fir en regelmeissegen Stammdësch. Am Wanter ass deen an eisem aktuellen Stammcafé, am Summer gëtt bei guddem Wieder beim Turm Luxemburg um Petrisberg gegrillt.

***Sport***



Den LST ass awer och am Beräich vum Sport äusserst aktiv. All Joer fënnt den LST-Challenge statt, deen aus Lasertag a Bowling am Wanter Semester an aus Poker a Mini-Golf am Summersemester besteet.

Des weideren hëllt den LST dann och all Joer mat e puer Ékippen um Tournoi de Noël deel. 2019 huet eist motivéiert Fussballs Equipe souguer déi éischte Platz konnte mat ganzem Stolz besetzen. Den Héichpunkt vum Joer ass sëcherlech de Staffellaf vun Tréier op Lëtzebuerg. Mir lafen all Joer zu Gonschte vun engem gudden Zweck. Dësen ustrengenden Dag gëtt mat engem Empfang op der Gemeng Lëtzebuerg ofgeschloss. Dëst Joer hu mir eise Staffellaf an enger hybrid Form ofgehalen. Déi motiveert Leefer konnten also entweder eng Etapp sur place lafen oder doheem Kilometere sammelen an eis ee Screenshot vu senger Leeschtung schécken.




Donierwent ginn mir am Summer regelmeisseg zesummen Beachvolleyball oder Fussball spillen.

## D’KONTAKTER VUM LST

Den LST ënnerhält och intensiv Kontakter zu verschiddenen Institutiounen an Organisatiounen:

***Universitéit Tréier***

An de leschte Joeren sinn d’Relatiounen tëschent dem LST an der Universitéit Tréier intensivéiert ginn. Den LST bedeelegt sëch um multikulturellen Fest vun der Uni a stellt Lëtzebuerg vir. Ausserdem vertrëtt den LST zesummen mat dem akademeschen Auslandsamt d’Universitéit Tréier op der Foire de l’Étudiant zu Lëtzebuerg.
*(www.uni-trier.de)*

*Daachverband vun de Studentenorganisatiounen*
Den LST ass Member am Daachverband vun de lëtzebuerger Studentencercelen, der ACEL (Association des Cercles des Etudiants Luxembourgeois)
(*www.acel.lu*)

*Aner Studentencercelen*
De Club beméit sech och seng Kontakter zu anere lëtzebuerger Studentencercelen oprecht ze erhalen an ze intensivéieren. Dofir huelen eis Memberen un Intercerclen deel, an fueren dann zum Beispill op Kaiserslautern, fir do géint aner Studentencercelen Volleyball ze spillen. 2014 huet den LST och den éischten eegenen Intercercle zu Tréier organiséiert, an d'Memberen aus aneren Cerclen op en flotten Nuetsrallye invitéiert. Och bei der REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) ass den LST emmer gäeren dobäi.

**WÉI KANNS DU MEMBER VUM LST GIN?**

Wëlls Du Member vum LST gin, dann iwwerweis d'Cotisatioun vu 15€ op dë folgende Bankkonto bei der BGL:

IBAN LU98 0030 4519 9817 1000
Mam Vermierk: Memberskaart (+Joër) an däin Numm.

Oder du keefs deng Memberskaart ganz einfach bei engem Comitésmember.
Memberskaarte ginn et natierlech och op der Erstiversammlung, op eisem Stammdësch an op allen aneren Aktivitéiten. Als Member gëss Du regelméisseg vun eis op Facebook informéiert a bass domat häerzlech invitéiert, op allen Eventer deelzehuelen.

**KONTAKTDATE VUM LST**

Universität Trier
z.H. Lëtzebuerger Studenten zu Tréier a.s.b.l.
Universitätsring 15
D-54286 TRIER

Homepage: www.lst.lu
E-Mailadress: comite@lst.lu
Facebook-Page: Lëtzebuerger Studenten Tréier
Instagram: studenten.lst

# II. D'UNI AN D'HEISCHSCHOUL TREIER

Universität Trier

Universitätsring 15
D-54296 TRIER
Tel.: +49 651 201-0
www.uni-trier.de

**WÉIENG FÄCHER KANNS DU OP DER UNI STUDEIREN?**
(https://www.uni-trier.de/studium/studienangebot)

**Fachbereich I:**
Erziehungs- und Bildungswissenschaften
Philosophie
Psychologie (mit dem Bereich Psychobiologie)
Pflegewissenschaften

**Fachbereich II:**
Anglistik, Germanistik (mit den Bereichen Deutsch als Fremdsprache, Jiddistik sowie Interkulturelle Gender Studies), Japanologie, Klassische, Philologie, Computerlinguistik und Digital Humanities, Medienwissenschaft, Phonetik, Romanistik, Slavistik, Sinologie

**Fachbereich III:**
Ägyptologie, Geschichte, Klassische Archäologie, Kunstgeschichte, Papyrologie, Politikwissenschaft

**Fachbereich IV**
Betriebswirtschaftslehre, Informatikwissenschaften, Mathematik, Soziologie, Volkswirtschaftslehre

**Fachbereich V**
Rechtswissenschaft

**Fachbereich VI**
Raum- und Umweltwissenschaften

**Theologische Fakultät**

## STUDIEJOER

D'Wantersemester fänkt offiziell den 1. Oktober un an hält den 31. Mäerz op, d'Summersemester erstreckt sech iwwert d'Period vum 1. Abrëll bis den 30. September. Allerdéngs fänken d'Virliesungen ëmmer méi spéit un wéi d'Semester an si halen och éischter op. An dësem Fräiraum, vu villen och nach „Vakanz" genannt, muss awer geschafft ginn, wéi zum Beispill: Hausarbéchte schreiwen, fir Klausuren léieren, Seminarer preparéieren, a.s.w., mä keng Angscht, et bleiwt och nach e bëssen Zäit fir Vakanz ze maachen. Donieft gëtt et nach eng Chrëscht- an eng Päischtvakanz.

## ASCHREIWUNG

Zënter dem Wantersemester 92/93 ginn d'Lëtzebuerger mat den Däitschen gläichgestallt, d.h. d'Lëtzebuerger musse genau déi selwecht Konditiounen erfëllen wéi déi Däitsch. Et kann ee sech online fir säi Studiegang bewerben bzw. aschreiwen. Umeldungsschluss fir d'Wantersemester ass de 15. Juli an fir d'Summersemester de 15. Januar.

- Du kanns Dech op der Uni online aschreiwen: *(https://porta-system.uni-trier.de/qisserver/pages/cs/sys/portal/hisinoneStartPage.faces)*

Fir d'Krankeversécherung geet d'Kaart vun der Sécurité Sociale duer.

## STUDENTENSEKRETARIAT

(https://www.uni-trier.de/index.php?id=64267)

## ZENTRALE STUDIENBERATUNG

(https://www.uni-trier.de/universitaet/verwaltung/abteilung-ii-studentische-angelegenheiten/zentrale-studienberatung)

Fir all Froen kanns Du Dëch un d'Zentrale Studienberatung wenden!

## WAT SOSS NACH WICHTEG ASS

### 1. „Vorlesungsverzeichnis"

Am Virliesungsverzeichnis fënns Du all Virliesungen, Seminaren, Übungen etc. déi op der Uni an dem Semester gehale ginn. Düst fënns du bei dengem Studiegang um Site vun der Uni Tréier.

**2. „Studienführer“**
Am Studienführer stinn Informatiounen iwwert d’Studien- bedingungen, d’Studienméiglechkeeten an D’Studienoofschlëss. Et as e gedrécktent Vorlesungsverzeichnis. Du kriss dëse Studienführer an Denger Fachschaft.

**3. „Informationen für ausländische Studienbewerber“**
Hei fënns Du all Informatiounen, déis Du brauchs fir Dech als Auslänner op der Uni unzemellen.

**4. De „Grünschnabel“**
Dëst Wierk kanns Du beim ASta (Allgemeiner Studierenden- ausschuss, A/B Gebai) kréien. An dësem Bichelche stinn Infor- matiounen iwwert de Studium an d’Studenteliewen, wéi z.B. eng Lëscht iwwert d’Bistroen an iwwert d’Restauranten zu Tréier, etc.

**5. PORTA**
Fir Dech fir Couren anzedroen oder fir Klausuren unzemellen, fir däi Stonneplang ze kucken oder deng Noten ofzeruffen gett et den Online Programm PORTA. Dësen erméiglecht dir et fir bequem vun doheem aus all déi Operatiounen ze maachen. De Login kriss Du per Post wannste bis op der Uni Treier ugemellt bas.
*(https://porta-system.uni-trier.de/qisserver/pages/cs/sys/portal/hisinoneStartPage.faces?chco=y)*




HOCHSCHULE TRIER
für Technik, Wirtschaft und Gestaltung
Trier University of Applied Sciences


Postfach 1826
D-54208 TRIER

Tel.: +49 651 8103-0
Fax: +49 651 8103-333
*www.hochschule-trier.de*

## OP DER HEICHSCHOUL KANNS DU FOLGEND FÄCHER STUDÉIEREN:



**Fachbereich Bauen + Leben (Hauptcampus)**
Bauingenieurwesen, Lebensmitteltechnik, Gebäude-, Versorgungs- und Energietechnik



**Fachbereich Gestaltung (Campus Gestaltung)**
Architektur, Edelstein- und Schmuckdesign, Innenarchitektur, Intermedia Design, Modedesign, Kommunikationsdesign



**Fachbereich Informatik (Hauptcampus)**
Informatik, Therapiewissenschaften



**Fachbereich Technik (Hauptcampus)**
Elektrotechnik, Maschinenbau



**Fachbereich Umweltwirtschaft/ Umweltrecht (Umwelt-Campus Birkenfeld)**
Umwelt- und Betriebswirtschaft, Wirtschafts- und Umweltrecht



**Fachbereich Umweltplanung/ Umwelttechnik (Umwelt-Campus Birkenfeld)**
Umweltplanung, Maschinenbau, Verfahrenstechnik, Informatik, Physik und Energietechnik



**Fachbereich Wirtschaft (Hauptcampus)**
Betriebswirtschaft, International Business, Wirtschaftsinformatik

*(*https://www.hochschule-trier.de/hochschule/organisation/fachbereiche*)*

**ALLGEMEINE STUDIENBERATUNG**

*(https://www.hochschule-trier.de/hauptcampus/studium/informationen-service/studienservice)*

**FACHSTUDENBERATUNG**

Jeweils am Fachberäich. Sie informéiert iwwer:
Studienspezifech Ufuerderungen,
Studieninhalt (Modulehandbuch a Studienplan)
Oofschlëss an Opbaustudiengäng
(*https://www.hochschule-trier.de/hauptcampus/studium/informationen-service/studienservice)*

**STUDIENSERVICE**

Fir soss Froen kanns Du Dech un d'Studierendensekretariat wenden.

Email: Studienservice@hochschule-trier.de
Adresse:
Studienservice der Hochschule Trier
Postfach 1826
54208 Trier
*(https://www.hochschule-trier.de/hauptcampus/studium/informationen-service/studienservice)*

**UMELDUNG/ASCHREIWUNG**

Fir Dech op der Heichschoul unzemellen, muss du déng Demande bei uni-assist schécken. All wichteg Informatiounen fënns Du och bei der Héichschoul op hirem Internetsite. D'Procedure fir d'Bewerbung kann neemlech je no Studiegang variéieren.

uni-assist e.V.
Geneststrasse 5
D – 10829 Berlin
*www.uni-assist.de*

Umeldungsschluss fir d'Wantersemester: 15. Juli
Umeldungschluss fir d'Summersemester: 15 Januar

D'Éischtaschreiwung kascht +/- 120€, an deenen d'Käschten vun der mulitfunktioneller Kaart mat abegraff sin.

**WAT SOSS NACH WICHTEG ASS**

A folgend Fächer muss Du en Untrag fir eng „Eignungsprüfung“ maachen an eng Mapp oof gin:
Architektur,
Edelstein- und Schmuckdesign,
Innenarchitektur,
Intermediales Design,
Kommunikations-design,
Modedesign.



# III. D’STAD TREIER

**TYPESCH TREIRECH**

Well an Tréier all fënneften Awunner Student ass, ass d’Stad och deementspriechend ausgeriicht. Dir fannt hei vill kleng Caféen, déi nëmmen dozou alueden ënnert Coleegen een ze drénken, mee och Diskoen an deenen dir bis an d’frei Moiesstonnen feieren kennt. Doniewent lackelen vill verschidden Restauranten mat guddem, mee bëllegen Iessen.



Un der schéiner Musel fannt dir vill Weingüter, die et ze entdecken gelt. Niewent dem lieblechen Mouselwäin schätzt all Tréirer den Viez, een Äppelwein deen traditionell an engem Porzeläinskrou gereecht gëtt.
D’Stad déi sech selwer „älteste Stadt Deutschlands“ nennt, huet vill kulturell Highlight ze bidden.

Sou ass d'Porta Nigrad nëmmen een vun 9 UNESCO Weltkulturerben am Groussraum Tréier. Tréier ass ausserdeem d'Gebuertsstad vum Karl Marx an keen gerengeren wie den Gildo Horn huet héi d'Lafen geléiert.

Den Tréirer Studenten gefält awer net nëmmen den Stadkär besonnesch gutt, mee och den Petrisberg an Ëmgéigend. Hei fannt dir d'Uni, vill Studentenwunnengen, souwéi Akaafsmeiglechkeeten an alles aneres wat een fir ze liewen brauch. An der Géigend vum Uni Campus lued den Site vum Turm Luxemburg virun allem am Summer dozou an, ze grillen, Beachvolleyball oder Fussball ze spillen oder einfach an der Sonn ze leihen an den Dag ze geneissen.



Alles an allem ass Tréier eng studentenfrendlech Stadt, an der et sech gudd lierwen leisst.

## INSIDERTIPPS: WOU KANN EEN GUDD AN GENSCHTEG IESSEN AN DRENKEN?

**Iessen:**
New Mintons, Blesius Garten, Louisiana, Kartoffelkiste, Cubiculum
**Trinken:**
Übergang, Chrome
**Party:**
Metropolis, Club Toni, Musikpark A1 Trier, Club11, Ghost

## WÉI FANNEN ECH ENG WUNNENG?

Zu Tréier ass et méi oder manner einfach en Zëmmer oder eng Wunneng ze fannen. Et gin e puer Méiglechkeeten, wou een sech informéiere kann.

1. Pinnwänn op der Uni (Gebai A/B, C, V) oder Heischschoul
2. Am Internet, z.B. op immobilienscout24.de
   an op Facebook iwer Gruppen wéi "Wohnungssuche Trier"
3. Studierendenwerk Trier (SWT, am Studihaus um Campus)
4. Kontakter zu aaneren lëtzebuerger Studenten

6. An de Wunnanlagen selwer z.B. Augustinus Campus, The Flag, Im Treff, Regenbogenviertel

D'Studierendenwerk Trier ënnerhält selwer e puer Studentewunnheemer. Demande, fir an esou ee Wunnheem ze kommen, kanns Du direkt un d'Studierendenwerk riichten, mee oft ass hei d'Demande méi grouss wie d'Offer. D'Verdeelung vun de fräie Platze gëtt no soziale Kritären virgeholl. Et gëtt och nach e puer privat Wunnheemer. D'Lëscht mat den Adressen kriss Du an Akademischen Auslandsamt. D'Studentenwerk vermëttelt och e puer privat Wunnengen. Natierlech ass et méi einfach e Member vum LST ze kontaktéieren.Den duerchschnëttleche Loyer zu Tréier leit bei ongeféier 400 - 550 Euro (Waarm).

***Studentewunnengen:***
The Flag I & II
Wohnheim Tarforst,
Wohnheim Petrisberg,
Wohnheim Trimmelterthof,
Martinskloster,
Studententurm,
Regenbogenviertel (Pluwigerstraße)

***Adress vum Studentenwerk Trier***
Universitätsring 12a
D-54296 Trier
Tel.: +49 651 201 356 0
*www.studiwerk.de*

## TRANSPORT – WEI BEWEGEN ECH MECH AM BÄSCHTEN OP AN ZU TREIER?

Fir op Tréier ze kommen, benotzen vill Studenten den Zuch. Et ass déi bëllegst Méiglechkeet, well dir mat ärer Studentekaart gratis vu Lëtzebuerg aus mam Zuch bis op Tréier kennt fueren. Den Transport ënnerhalb vun Lëtzebuerg ass jo gratis, dir braucht also näischt fir den Transport op Tréier ze bezuelen. Eng Alternative ass natierlech den Auto.

Dat gënschtegt Transportmëttel fir sech zu Tréier selwer fortbewegen, ass den Bus. Och hei kennt dir mat ärer Studentekaart fir näischt fueren. D'Busser fir op d'Uni an an d'Stadt fuere regelméisseg, an och fir d'Fachhéichschoul gouffen zousätzlech Buslinnen agefouert. Donneschdes an de Weekend fueren d'Busser bis 03.00 Auer an der

Nuecht. Wann een emol méi lang raus war, da sinn och d'Taxien zu Tréier net wierklech déier.

Wéider Informatiounen zu den Buslinien fannt dir ennert *www.swt.de* oder *www.nahverkehr-region-trier.de*

## IV. SCHLUESSWUERT:

Mir hoffen, dass mir iech mat dëser Brochure e bësschen weiderhëllefe konnten, an all är Froen konnte beäntwert ginn. Wann dat net de Fall ass, kennt dir iech gäre mat weidere Froen un eis wenden an dat via Facebook ënnert "Lëtzebuerger Studenten Tréier" oder per E-Mail op comite@lst.lu.

Mir geifen eis freeën iech an nächster Zäit am schéinen Tréier begréissen ze kennen.

Als läscht geet nach e grousse Merci un all déi Léit, dei un dëser Brochure matgeschafft hunn, an un eis Sponsoren, ouni déi dës Brochure net méigleich gewiecht wir.

ACEL
de Studentevertrieder

LETZEBUERGER STUDENTEN ZU TREIER

## V. NOTES:

## Wie si mir iwwerhaapt?



Mir sinn d'**ACEL – d'Association des cercles d'étudiants luxembourgeois.**

Mir sinn de Studentevertrieder a representéieren iwwer 40 Studentecerclen an Europa. Mir vertrieden eenzel Stied a fachspezifesch Cerclen.

Dëst mécht d'ACEL zum Representant vu ronn 10.000 Studenten an zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg zanter 1984.

ACEL SPUERKEESS

## Wéi kontaktéiert dir eis?

Op eisem Internetsite fannt dir all zousätzlech Informatiounen iwwer d'ACEL. Dir kënnt eis är Froe per Mail oder och iwwer Facebook schécken.

**www.acel.lu**

**contact@acel.lu**

**facebook.com/AcelLuxembourg**



2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

# ACEL
de Studentevertrieder

# D'ACEL
STELLT SECH VIR

## Wat maache mir?

### Mir regroupéieren

Mir bréngen lëtzebuergesch Studenten am Ausland, wéi och zu Lëtzebuerg, zesummen a fërdere soumat den Echange tëschent de Studenten.

Ënnert dem Haaptthema Zesummebréngen ass de Pilier vum Regruppement zoustänneg fir folgend Evenementer:



**Studentebal.** De gréissten Event vun der ACEL am Joer, wou d'Cerclen de Studenten op hirem eegene Stand e Patt zerwéiere kënnen.

**Intercercle.** En Event zu Lëtzebuerg oder am Ausland, wou ee Cercle aus enger Stad aner Lëtzebuerger Studenten op säin Event aluet.

**Tournoi de Noël.** E wichtegt Sportsevenement fir Studenten, während deem déi verschidde Cerclen an dräi Sportaarten (Basket, Fussball a Volleyball) géinteneen untrieden.

### Mir informéieren

Am Kader vun de **Studieninformatiounen** kënnt d'ACEL an deng Schoul a beäntwert deng Froen iwwer däi Studium, deng Uni, deng Stad an deng Zukunft.

Um **Student fir 1 Dag** weise mir dir mat de Lëtzebuerger Studenten op der Plaz deng zukünfteg Uni an däi Campus a féieren dech duerch déi jeeweileg Studiestad.




**Guide du Futur Etudiant (GFE).** An eisem GFE fënns du Informatiounen iwwer däi Studium, 40 Studentestied, deng Uni an alles, wat een als Student brauch. Och d'Kontaktdate vun de Lëtzebuerger Studentekreesser sinn do ze fannen.

**Guide du Futur Diplômé (GFD).** Bass du geschwë fäerdeg mat dengem Studium? Am GFD fënns du Informatiounen iwwer d'Aarbechtsich, d'Virstellungsgespréicher a méi, fir däi Start an d'Beruffsliewen ze vereinfachen. Eis Guide kriss du bei der Spuerkeess.

### Mir representéieren

D'ACEL ass politesch an ideologesch **neutral**. Dat heescht, datt mir eis onofhängeg vun eenzele Parteien oder politesche Stréimunge fir d'Wuel vum Student asetzen.

D'ACEL beméit sech d'ganzt Joer iwwer, konstruktiv Gespréicher mam Ministère ze féieren, fir aktuell Themen, déi de Student betreffen, ze diskutéieren.



Esou hu mir zum Beispill de **gratis ëffentlechen Transport** fir all d'Studente kënnen duerchsetzen.
Weider ënnerstëtze mir d'Lëtzebuerger Studenten, déi an Däitschland studéieren, bei der Demarche fir sech vun der **GEZ** befreien ze loossen, a Lëtzebuerger Studenten, déi a Frankräich studéieren, bei der Demande fir eng Reduktioun vun der **Taxe d'habitation**.

Du wëlls dech weider iwwer déi Themen informéieren? Op **www.acel.lu** fënns du all d'Dossieren an d'Communiquéen.